Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 1. Juli 2017

DEN EUGÈNE LEGENDRE

Zu Téiteng den 30. Juli 1901 gebuer, koum hien an der Zäit vum 1ten Weltkrich bei d'Peaux-Rouges wou se nach "Boy-Scouts de Dudelange" geheescht hunn. Vun do un war hien an eise Reien an sollt fir ëmmer bleiwen. Während dësen méi wéi 50 Joer huet hien all méiglech Chef-Funktiounen bekleet. Vun 1945 bis 1961 war hien och Vize-President vun eisem Comité. Laang Joeren war hien Regional-Commissaire vun der FNEL fir d' Gruppen aus dem Süden, dëst war deemools schonn en bedeitenden Posten an eiser Federatioun, déi aneschters opgestallt war wéi haut.

D' Erënnerung un hien zitt sech wéi en rouden Fuedem duerch eisen ganzen Home. Iwwerall hänken Photoen op, déi vun him an den Joeren vun virum zweeten Krich an och nach duerno gemat goufen. Hien huet zou Diddeleng op der ARBED am Laboratoire geschafft an huet gewosst wéi een Photoen entwéckelt an mat Texter kompletéiert, wat alles déi Zäit nett esou einfach war. Als begeeschterten Fotograf hat hien och doheem eng eegen Dunkelkammer wou déi wonnerbar Photoen déi mir haut hunn hier kommen. Hien ass eis "Mémoire Collective" vun fréieren Joeren.

Bestuet wor den Eugène mam Léonie BRANDENBURGER a Papp vun zwee Meedercher, dem Irène an dem Renée. Leider huet hien eis den 1. Februar 1969 fir ëmmer verlooss.

****